

invite le Gouvernement

à oeuvrer pour l'arrêt de toute incitation à la violence;

à intervenir pour le retrait de l'armée israélienne hors des territoires occupés, selon un calendrier précis et des modalités négociées avec l'Autorité palestinienne;

à intercéder en faveur de l'acceptation par l'Etat Israël et l'Autorité palestinienne de l'envoi d'observateurs internationaux dans les territoires occupés

Vote

Wie fir d'Motion modifiée ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

D'Motion modifiée ass eestëmmeg ugeholl.

Mir kommen zur Diskussioun vum Habilitatiounsgesetz, de Gesetzesprojet 4870. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers.

3. Projet de loi 4870 portant habilitation pour le Grand-Duc de réglementer certaines matières

Rapport de la Commission juridique

M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 4870, dee mer elo hei an der Chamber diskutéieren an iwwer dee mir ofstëmmen, kënnt all Joer erëm. Et ass also eng Matière, déi den Deputéierte bekannt ass, sou dass ech mech a mengem Rapport relativ kuerz faasse kann.

De Projet erlaabt dem Grand-Duc am Laf vum nächste Joer, dat heescht bis zum 31. Dezember 2002, an dringende Fäll iwwer groussherzoglech Reglementer a wirtschaftlechen a finanzielle Beräicher Mesuren ze treffen, déi souguer zu bestehende Gesetzer dérogiere kënnen. Et ass allerdéngs net esou, dass hei keng Konditiounen wäeren. D'Gesetz, och a senger kuerzer, mä preziser Form, schreift eng Rei Bedingunge vir, an deenen déi Reglementer kënnen geholl ginn.

Fir d'Éischt ass et emol esou, dass déi Reglementer nëmme geholl kënnen ginn am wirtschaftlechen an am finanzielle Beräich. Dat si vläicht Notiounen, déi relativ vaste sinn an et gëtt och Domänen, wou et net eindeuteg ass, ob se an de wirtschaftlechen a finanzielle Beräich eragehéieren.

Den Text gesäit dann och vir, datt et nëmme ka geschéien, wann Nout um Mann ass, dat heescht, wann d'Urgence och duerch d'Reglement erweisen ass. D'Regierung oder de Grand-Duc muss sech och op d'Urgence beruffen. D'Urgence gëtt konstatéiert vun deenen, déi bei deene Règlements grand-ducaux gefrot ginn. Dat sinn de Conseil d'Etat an d'Conférence des Présidents vun der

Chamber. D'Urgence kann awer och examinéiert gi vun de Gerichter, déi gegebenenfalls sou Reglementer unzewennen hunn. Wa sech géif erweisen, dass d'Urgence net gi war, kënnt d'Gericht och soen, dass dat Reglement zu Onrecht geholl ginn ass. D'Regierung muss also, wa se sou e Reglement hält, sech am Klore sinn, dass d'Urgence ginn ass, a si muss et och gegebenenfalls beweise kënnen. Eng aner Bedingung ass déi, dass déi Reglementer nëmme op Grond vun engem Avis vum Conseil d'Etat geholl kënnen ginn: Et ass allerdéngs esou, dass hei de Conseil d'Etat nëmme en Avis ofgëtt; hie ka sech engem Reglement net opposéieren, dat heescht, keng Opposition formelle maachen. Dat géif jo och souwisou net goen, well dat jo bei engem Reglement net besteet.

Allerdéngs besteet nach eng aner Instanz, déi gefrot gëtt, an zwar d'Conférence des Présidents vun der Chamber; an do seet den Text, datt déi hir Zoustëmmung gi muss. Et heescht am Text: "L'assentiment de la Conférence des Présidents". Wann also d'Conférence des Présidents der Meenung wier, dass hei an engem Beräich reglementéiert géif ginn, deen net vum Gesetz viséiert ass, oder dass et keen urgente Fall wier, kënnt si also hiren Accord och refuséieren. Dee Moment wier keen Assentiment do an d'Regierung kënnt och dat Reglement net huelen.

Et gëtt dann eng Rei vu Beräicher, déi vum Gesetz ausgeschloss sinn; et sinn déi, wou d'Verfassung virgesäit, dass se engem Gesetz virbehalte sinn. An deene Beräicher, seet den Text, kann d'Regierung kee Reglement iwwert d'Voie d'urgence huelen. Dat Gesetz ass limitéiert op ee Joer. Et ass dat an alle Länner esou, well ëmmer erëm d'Chamber, déi hei en Deel vu Pouvoiren un de Grand-Duc, un de Pouvoir exécutif oftrëtt, d'Méiglechkeet muss hunn, fir dorop zrëckzekommen a fir déi Pouvoiren, wa se mengt et wär net noutwendeg, gegebenenfalls net ze erneieren. Wa mer an d'Vergaangenheet kucken, da stelle mer awer fest, dass déi jeweilig Regierungen dat Gesetz ëmmer nëmme ugewannt hunn, wann et noutwendeg war, an et hu sech an der Vergaangenheet och keng Schwieeregkeete mat der Uwendung vun deem Gesetz gestallt. Et stellt een och fest, dass, ganz egal wéi d'Zesummesetzung vun der Regierung war, déi Pouvoiren ëmmer esou ugewannt gi sinn, wéi d'Gesetz et och virgesinn huet.

D'Regierung hat dann dëst Joer eng Neierung proposéiert. Si hat virgeschloen, dass, wann op Grond vum Habilitatiounsgesetz Reglementer geholl ginn, déi géint e Gesetz wäeren, oder déi zu engem bestehende Gesetz géifen dérogiere, déi Reglementer an engem Délai vu sechs Méint misste vun der Chamber approuvéiert ginn; wier dat net de Fall, wieren déi Reglementer unzegesinn, wéi wa se abrogéiert wäeren, dat heescht, wéi wa se net méi a Kraaft wäeren. Fir déi do Neierung ze proposéieren, huet sech d'Regierung op d'Propositoun vun der Verfassungskommissioun baséiert an och op hiren

eegenen Text zu der Ofännerung vum Artikel 36 vun der Verfassung, wou dee Passus agefloss ass, Text, deen ewell nach bei dem Conseil d'Etat läit, op deem säin Avis mer nach waarden.

Firwat ass déi Ännerung am Artikel 36 proposéiert ginn? Well sech mat deene Reglementer, déi op Grond vum Habilitatiounsgesetz geholl ginn, juristesche Problemer stellen. Bei engem Règlement grand-ducal, deen op Grond vum Habilitatiounsgesetz geholl gëtt, an deen zu engem bestehende Gesetz dérogéiert, kann ee sech froen, ob deen déiselwecht juristesche Form oder Hierarchie wéi e Gesetz huet. Déi Fro gëtt zwar mat Nee beäntwert, mä dat Règlement huet awer zu engem Gesetz dérogéiert. Kann et dann duerch en anert Règlement ofgeännert ginn, oder kann dat Règlement, dat eventuell en Artikel vun engem Gesetz en suspens gehalen huet, weider duerch Reglementer geännert ginn?

An anere Länner, wéi an der Belsch, ass déi Matière gekläert. Wann esou e Règlement geholl gëtt, kann an Zukunft dat Règlement nëmme méi duerch e Gesetz ofgeännert ginn, well et e Gesetz geännert huet; et gëtt also quasi op den nämlechen Niveau wéi e Gesetz gesat. Mir hunn hei am Land keng sou eng Dispositioun; et huet sech och ni bei der Uwendung vun engem Règlement grand-ducal e Problem gestallt. Well mer awer gemengt hunn, et soll een déi juristesche Onsécherheet am Zesummenhang mat deene Reglementer klären, ass déi Dispositioun an den Artikel 36 vun eisem Gesetzesvorschlag agefloss. D'Regierung huet deen Text, deen iwwregens d'lescht Joer vun der Opposition als Amendement proposéiert gi war, dëst Joer proposéiert gehat. De Conseil d'Etat huet sech deem doten Text formell opposéiert mat dem Argument, mir géifen hei d'Verfassungsännerung virzéien a mer géife quasi duerch d'Hannerdier eng Dispositioun, déi eigenlech an d'Verfassung eragehéiert, an e Gesetz afléisse lassen.

Ech stelle fest, dass mer éischters emol hei keng Verfassungsännerung virzéien an dass mer och, wa mer deen Text ugehall hätten, géint keng aner gesetzlech a scho guer net eng verfassungsméisseg Dispositioun verstouss hätten, well déi gëtt et nach net. Dofir kann een och considéieren, dass déi Opposition formelle éischer aus, géif ech soen, opportunistesche Grënn virbruecht ginn ass. Trotz allem Respekt, deen ech fir déi héich Kierperschaft hunn, Här Scheuer, muss ech awer soen, dass et juristesche eigentlech net ubruecht war, fir déi Opposition formelle ze maachen.

D'Kommissioun war virun d'Fro gestallt, ob mir iwwert déi Opposition formelle géifen ewechgoen. Wa mer dat gemaach hätten a mir hätte keng Dispens vum Conseil d'Etat kritt, hätte mer fir dräi Méint keen Habilitatiounsgesetz gehat. An deenen Zäiten, wou mer haut liewen, si mer awer der Meenung, dass een déi Responsabilitéit net hätt kennen iwwerhuelen, an dofir hu mer an der Kommissioun proposéiert, deen do Alinéa falen ze loossen.

De Conseil d'Etat huet gesot, dass awer näischt géif verhënneren, wann ee Règlement grand-ducal geholl géif ginn am nächste Joer, deen zu engem bestehende Gesetz géif dérogéieren, dass d'Regierung à tout moment deen Text kënnt der Chamber ënnerbreeden, fir en dann duerch e Gesetz stëmmen ze loossen.

Ech mengen, dat soll een zur Kenntnis huelen. Ech géif och mengen, dass mer d'Habilitatiounsgesetz fir d'nächst Joer brauchen. Et ass en Instrument, dat et der Regierung erlaabt, an urgente Fäll ze reglementeieren. Dofir géif ech d'Chamber bidden, deen Text, esou wéi d'Commission juridique e proposéiert huet, ze stëmmen.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Här Klein, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Jean-Pierre Klein (LSAP).- Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech soen dem Här Paul-Henri Meyers merci fir dee gudde wëssenschaftleche Rapport, deen en hei virgedroen huet.

Et ass Traditioun, dass um Enn vum Joer de Projet de loi vun de "pleins pouvoirs" un d'Regierung um Ordre du jour steet. Et ass eng Habilitatioun un d'Regierung, fir a verschiddenen Domänen, déi de Rapporteur selbstverständlech elo grad hei opgezielt huet, déi normalerweis dem Législateur virbehale wieren, an Dringlechkeetsfäll am Interesse vum Land schnell ze reagéieren.

Ausgeschlossen sinn déi Domänen, déi vun der Verfassung expressément dem Législateur reservéiert sinn. D'lescht Joer hat eise Kolleeg Alex Bodry eng Proposition hei gemaach, fir dass déi Décisiounen, déi ënnert deene Konditiounen vun der Regierung iwwer Règlement grand-ducal geholl ginn, misste bannsech Méint vun der Chamber ratifizéiert ginn.

An den ursprüngelechen Projet de loi, de Rapporteur huet dat och elo grad gesot, hat d'Regierung dës Proposition vum Här Bodry agebaut. De Conseil d'Etat huet dunn, onverständlecherweis, dozou eng Opposition formelle gemaach mat dem Awand, dass virdru misst an déi Richtung d'Verfassung geännert ginn. Ech froe mech firwat. Et ass keng Bestëmmung vun der Verfassung, déi dat hei verbitt. De Conseil d'Etat berëfft sech op eng zukünfteg Ännerung vun der Verfassung, déi och schonn déposéiert ginn ass. Jiddefalls hätte mer als Kommissioun kennen iwwert déi Opposition formelle ewechgoen, mä dann hätte mer selbstverständlech keng Dispens kritt vum zweete Vote constitutionnel. D'Kommissioun an d'Regierung sinn do dem Conseil d'Etat op de Laim gaangen an hu vun deem virgeschloene Contrôle a vun deem Ratifizierungsakt ofgesinn.

D'Chamber kritt nach wie vor vun der Regierung e Blankoscheck fir ze agéieren, quitte dass de Conseil d'Etat an d'Conférence des Présidents musse préalablement zu esou engem Règlement hiren Avis ofginn.

Et ass bekannt, dass d'LSAP-Fraktioun awer guer kee Vertrauen an dës Regierung huet, a well d'Chamber an hirer Gesamtheit kee Contrôle iwwert dës reglementaresch Akten huet, a se stëmmt dofir géint dëse Projet de loi.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet d'Mme Simone Beissel.

Mme Simone Beissel (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech och mäi Merci dem Rapporteur Paul-Henri Meyers soe fir säin excellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

D'Habilitatiounsgesetz, wat mer och "loi de pleins pouvoirs" oder "loi de pouvoirs spéciaux" nennen, ass en Thema, eng Debatt, an där sech all Joer eng Rei vu fundamentalen institutionelle Froen stellen, eng Debatt, och an där sech Joer fir Joer heiansdo tragikomesch Règlements de compte oder op d'mannst Joutes oratoires tëschent där enger oder anerer Majoritéitspartei an den Oppositiousparteie geliwwert ginn.

Ech wëll meng Iwwerleeungen opdeelen an zwee Voleten: e Volet mat Iwwerleeunge méi juristescher Natur an dann e Volet mat e puer Iwwerleeunge méi politescher Natur.

Juristesche Gesinn, ëm wat geet et?

Eise Groussherzog gëtt bis den 31. Dezember 2002 ermächtigt, wann d'Dringlechkeet konstatéiert ass, duerch Reglement wirtschaftlech a finanzspezifesch Moossnamen ze huelen, déi esouguer zu bestehende Gesetze kënnen dérogéieren.

Et geet also drëm, dem Lëtzebuerger Stat – an ech soe bewusst Stat an net Regierung, wéi dat ëmmer vun den Oppositiousparteien hei gesot gëtt, an ech wollt dat ënnersträichen, den Här Bodry ass de Mëtteg leider net hei, mä den Här Bodry huet mir déi leschte Kéier no mengem Rapport d'Wierder am Mond ëmgedréint a gesot, ech hätt vun der Regierung geschwat an ech hat nëmme vum Stat geschwat, an dofir wëll ech dat widderhuelen – d'Vertrauen ze ginn an net nëmme der Lëtzebuerger Regierung. De Lëtzebuerger Stat soll also d'Méiglechkeet hunn, fir am generellen Interesse vum Lëtzebuerger Land urgent Mesuren ze huelen.

D'Praxis vun dem Spezialmandat, oder och vun der Extension de compétence vum Groussherzog, als Emanatioun vum Exekutiv, huet sech, wéi mir all wëssen, säit 1915 mä haaptsächlech säit 1946, trotz alljährlechen Hunnekämpf an dësem Gremium, lues a lues an onsen institutionelle System integréiert.

Et geet net méi an net manner drëm, d'Funktionsfäegkeet vum Lëtzebuerger Stat ze assuréieren ënner Ëmstänn, déi limitativ am Gesetz fixéiert sinn, Ëmstänn an deenen déi gängeg legislativ Prozedur net schnell genuch ass an dofir net effikass genuch ka sinn.

Wéi de Rapporteur et schonn ugedeit huet, an et och a senger excellenter Proposition zum Artikel 36 vun der

Verfassung, déi ënnerwee ass, ervirgestrach huet, ass dee ganze System op den Artikel 32 al 2 vun onser Verfassung baséiert, kombinéiert an engem méi weide Sënn entre-temps mat dem Artikel 33 an dem Artikel 36 vun eisem Grundgesetz.

Am classesch gehandhaabten Demokratieverständnis, säit dem eminent wichtigen Avis vum Statsrot vum 15. Februar 1946, sinn d'Konditiounen an doduerch d'Garantië fir d'Parlament awer ginn. Ech widderhuele se kuerz, Dir kennt se: Zäitbegrenzung op sechs oder zwielef Méint. Mir hunn an de leschte Joren ëmmer op zwielef Méint gehandelt, mä et steet néierens. Mir kënnen et op dräi Méint maachen, mir kënnen et op sechs Méint maachen, et ass eng Saach wéi mir elo virufueren an der Zukunft. Wa mer et nämlech ex post musse ratifizéieren, da brauche mer net méi onbedingt op zwielef Méint d'Habilitatiounsgesetz ze ginn, an da sinn d'Oppositiousparteien héchstwahrscheinlech och méi rassuréiert, well dat dann net esou eng laang Zäit ass.

Zweet Konditioun, déi Dir och kennt: Secteursbegrenzung op Wirtschaft a Finanzen, d'Urgence a Spezialprozedur.

Den Avis vum Statsrot muss net nëmme ugefrot ginn, wéi dat bei der classescher Procédure réglementaire virgesinn ass, mä muss virleien.

D'Conférence des Présidents vun der Chamber muss hire formellen Accord zum Projet de règlement habilité ginn.

Dës Barrieren, déi jo u sech scho relativ staark sinn, fir enger Dérive institutionnelle, wéi et ëmmer vun den Oppositiousparteie gesot gëtt, entgéintzewierken, ginn awer den Oppositiousparteien traditionell net duer, fir dass se sech derzou oprappen, fir dat Gesetz mat ze stëmmen.

Wat soe si? Si soen: kee Vertrauen, kee Blankoscheck fir d'Regierung.

D'Majoritéitspartei soen: Fiduz, fräi Hand fir de Stat.

Et ass eng aner Optik, et ass eng Verwiesselung vun den Terminologien, et gëtt hei jongléiert mat Termen, wou kee Mënsch méi weess vu wat e schwätzt. Ass de Stat d'Regierung? Ass d'Regierung de Stat? Wien ass de Législateur, am enken oder am weide Sënn?

Fir déi u sech ganz eescht a seriös Thematik aus der die-Guten-und-die-Bösen-Dialektik erauszébréngen, vläicht och fir där gréisster Oppositiouspartei aus hiren Entzucherscheinungen an hirem Frust erauszehëllefen, huet den Här Paul-Henri Meyers d'lescht Joer déi excellent Proposition gemaach, fir den Artikel 36 ze reviséieren, Proposition, déi d'Regierung schonn op d'mannst moralesch beguttacht a beglaubegt hat. Och huet

d'Regierung deen Text geholl, fir en dëst Joer am Projet de loi zum Habilitationsgesetz op den Instanzewee ze ginn.

Den traditionellen Text huet een neien Alinéa virgesinn, deen hei schonn ugeklongen ass, dat heescht, et soll an deem Alinéa virgesi ginn, dass eng parlamentaresch Kontroll ex post kreéiert géif ginn, duerch legal Oplo, dass d'Règlements habilités missten a sechs Méint spéitestens duerch e Gesetz bestätegt ginn.

Mä de Statsrot war net d'accord, fir mat ons zesummen a mat der Regierung op dëse Wee ze goen, mat dem Argument, iwwert dëse Gesetzesprojet géif eng ënnerschwelleg Verfassungsrevisioun ageleet ginn, ouni dass d'Spezialprozedur vum Artikel 114 mam Quorum vun $\frac{3}{4}$ vun de Leit a qualifizéiert Majoritéit vun $\frac{2}{3}$ géif erfëllt ginn.

E Message tëschent den Zeile war: Waart of bis mir eisen Avis zum Artikel 36 ginn, da maache mer dat op eng reglementär Manéier a fuert net ze schnell.

Deeselwechte Statsrot formuléiert dann, wat heiansdo virkënnt, eng Oppositioun formelle, ënnersträichend, dass hie géif d'Dispens vum zweete verfassungsrechtliche Vote refuséieren, sollt d'Chamber et woen, dësen Text tel quel wëllen ze stëmmen.

De Conseil d'Etat huet hei Gebrauch gemaach vun deem konstitutionellen Instrument, dat am Artikel 59 – säit 1868 op d'mannst – vun eiser Verfassung virgesinn ass, an dat scho ganz laang a scho bal vun där Zäit u vun der Regel zu der Ausnahm ëmfungéiert gouf: Dat ass, dass den zweeten obligatoresche Vote vun der Chamber an enger Zäitspann vun dräi Méint muss geholl ginn.

D'Iddi, wann Dir déi al Texter kuckt vun deem zweete Vote constitutionnel, déi ass u sech komm duerch déi Lëtzebuurger Situatioun, well am Verglach mat Holland a mat der Belsch, déi eis ëmmer als Modell gegollt hunn, ass ëmmer gesot ginn, mir hu keng zweet Chamber, mir hu kee Senat, an dofir sollt dat e wéineg e Palliatif sinn, well keen zweet Gremium do war, an dofir war d'Grondiddi vun deem zweete Vote.

Mä de Statsrot huet schonn 1868 a sengem Avis zu eiser heiteger Verfassung geschriwwen, well de Statsrot huet där Chamber, deemools, anscheinend grad esou wéineg wéi haut, esou richteg getraut: "Le second vote est une précaution contre la précipitation et les entraînements d'une Chambre unique."

Den Interval vun dräi Méint tëschent deenen zwee Vote sollt: "... prémunir contre des résolutions précipitées et permettre à l'opinion publique de se prononcer et aux représentants du pays de se recueillir."

Et war also geduecht, dass mer sollten a Rou während dräi Méint iwwert déi komplizéiert Texter nodenken, eis besënnen, no dräi Méint erëmkommen an dann nach eng Kéier ofstëmmen.

Am selwechten Avis, an dat ass u sech e wéineg eng Kontradiktioun, lockert awer de Statsrot schonn deemools, also 1868, seng Haltung op. En hat héchstwahrscheinlech e schlecht Gewëssen, well d'Procédure législative war déi Zäit schonn esou lues wéi haut, an e wousst ganz genau, dass dann nach méi Zäit géif verluer goen, well mir maachen eis jo alleguer ëmmer de Reproche, dass déi Procédure législative ze laang dauert, a mat deem System vum zweete Vote, géif se u sech nach verlängert ginn.

De Statsrot huet also schonn 1868 seng eegen Haltung opgelockert an huet gesot, dass den zweete Vote duerch den Dispensmechanismus soll Ausnahmestellung unhuelen.

Wat ass geschitt?

De gesonde Mënschevertand, d'Praxis, och vläicht de Souci, dass legislativ Prozedure meeschtens ëmmer ze lues sinn an net nach méi laang sollten daueren, hunn et mat sech bruecht, dass ëmmer nëmmen eminent wichtig Froen oder verfassungsrechtlech Prinzipien d'Warnung vum Conseil d'Etat ausgeléist hunn, d'Dispens vum zweete Vote ze refuséieren.

D'Chamber op hirer Säit reagéiert säit 1856, an ech muss zougestoen, haut och nach ëmmer relativ ongehele bis offe kriddeleg a kritesch zu dëser Haltung vum Statsrot. Mä loosse mer emol éierlech sinn, ech mengen déi Kritik vun eis ass net onbedéngt demokratesch legitim, well de Statsrot sech ëmmer eng Eier an eng Flicht draus gemaach huet an och nach mécht, als Gardien vun der Verfassung, als Gardien vun de Grondrechter mä och vun de Grondstrukture vum Lëtzebuurger Land ze schaffen.

Et ass derwäert an der Optik vun där Ausso, déi ech elo just gemaach hunn, den Auteur Auguste Collart a sengem berühmte Buch: "Sturm um Luxemburgs Thron" ze zitieren. Deemools, 1906, war Kaméidi ëm d'Libéralisation vum System vum Cens an décke Buttik tëschent der Chamber an dem Statsrot. Dunn hat de Statsrot och den zweete Vote gefuerdert an dunn hu Leit gesot: Allez hop, elo gëtt et Zäit, dee Statsrot muss ofgeschafft ginn, dee mécht eis nëmme Suergen an dee bremst eis.

Den Auguste Collart hat – lauschtert gutt no, well et ass ee weise Saz – gesot:

(Interruptions diverses)

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Dee Cours de droit fir lech ass guer net schlecht!

Mme Simone Beissel (DP). - "Die gegen den Staatsrat gerichteten Angriffe und Vorwürfe bildeten ein Schulbeispiel politischer Unreife." Klatsch, eng op de Bak fir d'Chamber! "Die Körperschaft hatte von einem konstitutionellen Recht Gebrauch gemacht; sie musste wissen, was sie zu tun hatte, und kein aufrichtiger Demokrat durfte ihr einen Vorwurf aus ihrer Handlungsweise machen."

Dat ass ee wichtige Saz a mir sollten eis en heiandsdo zu Häerz huelen, och wa mer grommelen, wann de Statsrot eis heiandsdo e Fanger mécht oder eis e bëssen den Dicks riicht, wann eis Saachen net esou geschriwwé ginn, wéi mer se gären hätten.

D'Commission juridique am Aklang mat der Commission constitutionnelle huet rasonnabel a verantwortungsvoll gehandelt. Si huet sech dem Wëlle vum Statsrot an dësem Projet gebeugt an den Alinéa, mat dem Accord natierlech vun der Regierung, ass gestrach ginn. D'parlamentaresch Ratifikatioun ex post ass de Moment nach Zukunftsmusik. Mir waarden op gréng Luucht vum Statsrot zu der Revisioun vum Artikel 36 an dann hoffen ech, dass dee Problem geléist gëtt.

Nach e puer politesch Iwwerleeungen: Ech wëll nach eng Kéier ënnersträichen, dass d'Habilitatiounsgesetz eng extrem seriös Ugeleeënheet ass, déi eigentlech iwwer interparteesch Zwister eraus misst zesummen an dësem Gremium vun alle Banken ugepaakt ginn. Ech soen et nach eng Kéier: Et geet net ëm d'Vertrauen an d'Regierung. Et geet ëm d'Vertrauen an de Stat, a seng Missiounen, a seng Uraufgaben. Et geet am Endeffekt ëm d'Kredibilitéit vum Lëtzebuerger Land, esougutt hei bei eise Leit mä haaptsächlech och um internationale Plang.

Mir wëssen, dass haaptsächlech säit 1990 den Exekutiv mat Virsicht a mat Moderatioun op dës Spezialreglementer zrëckgegraff huet. Et konnt ee sech souguer déi lescht Jore froen, d'autant plus wou de Conseil d'Etat eis erëm eng Kéier e Stréch duerch d'Rechnung gemaach huet mat deem System, wou en op eemol Sanktiounen verbueden huet, ob dat Habilitatiounsgesetz nach weider eng Daseinsberechtigung hätt.

Mä mir wëssen alleguer heibannen, dass spéitestens säit dräi Méint, spéitestens säit dem 11. September, mir enges Bessere beléiert gi sinn. D'terroristesche Attacke vum 11. September hunn en extrem schnellt an effikasst Agräife vum Lëtzebuerger Stat néideg gemaach, fir d'Iwwerliewe vun eisen zwou Lëtzebuerger Fluggesellschaften, der LUXAIR an der CARGOLUX ze garantéieren, nodeem d'Assurance-Gesellschaften mat engem Préavis vun nëmme sechs Deeg d'Assurance-Kontrakter mat de Compagnies aériennes, net nëmme zu Lëtzebuerg mä weltwäit oder op d'mannst europawäit, gekënnegt haten.

Ech soen all deenen näischt Neies, déi sech e bëssen derfir interesséieren, wann ech soen, dass keng Compagnie hir Avione ka fléie loossen ouni Assurance. Fir d'éischt muss d'Responsabilité civile verséichert sinn, dann d'Cargaison. Da musse mir alleguer wëssen, dass keng Compagnie hir Avione ka starten, fléien a lande loossen, well weltwäit all Land nëmme overflight rights a landing rights accordéiert, wann déi Compagnie, déi dat ufreet, eng Police d'assurance ka virleeën, déi en bonne et due forme ass an déi valabel ass, dat heescht, déi leeft.

D'Contrats de financement vun de Compagnie selwer. Dir wësst wéi dat ass, och mat de Liewensversécherungen. Et ass kee Finanzinstitut, dat Iech Kredit gewährt – an Dir wësst, d'Compagnien hu ganz grouss Kreditter lafen –, wann net eng valabel Assurance do hannendru läit.

Et waren also dräi äiskal Themaen, déi hu missen an d'Rei bruecht ginn, soss wäeren d'LUXAIR an d'CARGOLUX héchstwahrscheinlech an déi gréisste Schwierigkeete komm. Ech mengen, et ass jo awer keen heibannen, deen hätt wëllen engem Bin Laden a senger Equipe och nach dee Pleséier maachen, dass en och nach an engem Land wéi Lëtzebuerg Saache fäerdeg bruecht hätt, wat jo wierklech kee Mënsch gewollt hätt, a wat hie selwer op kee Fall verdéngt hätt.

Et war also liewenswichtig, dass de Lëtzebuerger Stat ganz schnell, ganz effikass reagéiert huet. Et ass drëmgaangen der LUXAIR an der CARGOLUX déi finanziell Garantie vum Stat ze accordéieren, fir hir "responsabilité vis-à-vis de tiers autres que les passagers en raison d'actes de guerre et de terrorisme" ze ginn, an dat bis zu engem Plaffong vun zwou Milliarden US-Dollar pro Sinister.

De Règlements-habilités-System huet hei nees eng Kéier seng voll Preuve gemaach. Déi, déi geduecht haten, e wär amgang an d'Getten ze goen, hunn hei gemierkt, dass e wichteg ass. Den 22. September, an ech soen Iech dat, well et wär extrem schwéier gewiescht, wa mir als Chamber hätte missen esou schnell reagéieren, well Dir wësst, dass d'Chamber eréischt am Oktober ufänkt.

(Interruptions diverses)

Wou ware mir dann alleguer?

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Ech war an där Réunioun.

Mme Simone Beissel (DP). - Ech weess dat. Awer nëmme als President.

Ech kann Iech soe wéi schnell de Lëtzebuerger Stat reagéiert huet.

Den 22. September huet de Conseil informel ECOFIN zu Léck d'Richtlinie vun de Memberstaten an dëser Problematik festgehalen, fir all Konflikter mat de strengen EU-Reglementatiounen a Saache Konkurrenz ze vermeiden.

De 24. September, also nëmme zwéi Deeg méi spéit, huet de Statsrot säi positiven Avis ginn, an deesewechten Dag hutt Dir, Här Krecké, wou Dir et scho sot, als Conférence des Présidents vun onser Chamber hire formellen Accord bruecht. Esou konnt dës Spezialreglement ganz schnell formaliséiert ginn an a Kraaft trieden.

Ech wëllt awer vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir eiser Regierung, virop, an ech begrëssen, dass en hei ass, dem Här Stats- a Finanzminister Jean-Claude Juncker, mä

och dem Här Transportminister Henri Grethen an dem Här Budgetsminister Luc Frieden, déi héchstwahrscheinlech net ganz gutt geschlof hu während 30 Deeg mat deene Montanten, déi do am Spill waren, grousst Luef aus dem Ausland ze iwwerbréngen.

Effektiv huet de Generalsekretär vun der Association des compagnies aériennes européennes, den Här Karl-Heinz Neumeister, bei deem ech zu Belfast op enger europäescher Réunioun war, de Lëtzebuerger Stat bei deenen anere 14 EU-Länner als ausserordentlecht Exempel zitéiert vu Vitesse, vu Courage, vu spontaner Solidaritéit vum Stat mat senge Compagnies aériennes. Ech kann lech soen, an deenen anere Länner war dat wierklech net de Fall.

Esou schnell war keen anert Land, huet e gesot, esou héich par rapport zu sengem nationale Budget ass keen anert Land a senger Finanzgarantie gaangen.

Mir waren natierlech frou als Lëtzebuerger, dass mir emol eng Kéier international Luef kruten, an ech wollt elo dervu profitéieren, fir dem Här Statsminister, vertriedend fir déi ganz Regierung, dat Luef hei ze iwwermëttelen.

Ech sinn dofir der Meenung, de System soll bäibehale ginn, quitte dass d'Chamber d'Reglement soll ex post ratifizéieren.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Mme Beissel, d'Chamber ass net a Vakanz. Si ass do. Si schafft an d'Sessioun ass net zou. A wann de President d'Deputéierte geruff hätt, wiere se alleguer komm. Et waren awer nëmmen d'Presidente vun de Fraktiounen gefrot.

Wann Der e Merci ausschwätzt, hunn ech kee Problem. D'Regierung huet gutt reagéiert, mä da sot och, dass d'Oppositoun hir Responsabilitéit geholl huet an dass et unanime war. Wa mer mierken, dass et d'Intérêt national ass, dann ass och d'Oppositoun bereet, esou e Wee ze goen. Déi huet dat an dësem Fall gemaach. Et ass also net nëmmen de Mérite vun der Regierung. Ech wëll lech dat just soen.

Mme Simone Beissel (DP). - Här Krecké, ech fannen dat do ganz gutt, mä wann Dir an Ärer Logik virufuert, da musst Der haut d'Gesetz mat stëmmen.

(Hilarité)

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Här President, dierf ech der Mme Beissel den Ënnerscheid erklären? Den Ënnerscheid ass deen, dass mir an där Presidentekonferenz explizéiert kréien, ëm wat et geet, an da kann ech am Numm vu menger Fraktioun jo oder nee soen. Dat heescht, ech lauschtere fir d'éischt, wat ech erzielt kréien, an da soen ech jo oder neen an net e Blankoscheck einfach esou.

Mme Simone Beissel (DP). - Dat do ass eng Explikatioun, déi mir net duergeet. Här Krecké. Souwéissou hat

d'Mme Err d'lescht Joer ugekënnegt, Dir géift dëst Joer de Projet stëmmen.

Mme Lydie Err (LSAP). - Wann, wann a wann!

Mme Simone Beissel (DP). - Jo, wann, wann a wann. Et sinn elo Saache geschitt, wou Dir alleguer gutt berode wäert, dass Dir et géift matstëmmen, well Dir hutt absolut keng Justifikatioun méi als Oppositoun, fir dat do net ze stëmmen, wëssend wat elo geschitt ass, wëssend, dass international nach keng Entwarnung kënnt an dass de Stat eventuell nach muss schnell agräifen.

Ech fannen de System bis dato gutt. Ech hunn näischt dergéint, wann den Artikel 36 reviséiert gëtt a mir e Contrôle parlementaire ex post an dësem Gremium aféieren. Dach muss ee sech d'Fro stellen, mä dat huet sech haaptsächlech eréischt elo gewisen, dat konnte mer dee Moment net an der Kommissioun diskutéieren, wéi mer den Artikel 36 esou formuléiert hunn, wat d'legislativ Plus-value vun engem Gesetz ex post wär an enger Situatioun wéi där heiten, wou mer dann ex post e Règlement ratifizéieren, wat nëmmen 30 Deeg gelaf ass a wat dee Moment scho méintelaang ofgelaf ass. Mir müssen onbedéngt nach eng Kéier dorop zréckkommen. Dat ass nach net ganz ausgegoot a mir müssen dat nach eng Kéier iwwerleeën. Et ass also eng Affaire à suivre.

Ech hunn et scho gesot, et ass leider nach international keng Entwarnung. Dir braucht nëmmen d'Zeitungen ze liesen. A tout moment kann de Lëtzebuerger Stat gefuerdert ginn, fir erëm eng Kéier misse schnell Moosnamen ze huelen. Mir hoffen zwar alleguer, dass et net néideg ass. Dofir ass a bleift dëst Habilitatiounsgesetz fir mech e wichtegen an e gudde Projet de loi, Projet, deen ech fir mech selwer ouni Problem ka stëmmen. Och bréngen ech heimat den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Gast Gibéryen.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech versichen et e bësse méi kuerz ze maache wéi d'Mme Beissel.

Alle Jahre wieder, kann ee soen, kuerz viru Chrëschttag. Dee leschte Projet an der Chamber ass d'Habilitatiounsgesetz, wou d'Chamber der Regierung net d'Vertrauen ausschwätzt mä d'Méiglechkeete gëtt, fir an Noutsituatiounen relativ séier kënnen ze reagéieren.

Mir maachen all Joer deen Exercice an all Joer versicht d'Oppositoun dergéint ze argumentéieren an d'Majoritéit versicht derfir ze argumentéieren. Et muss een awer ervirhiewen, dass nach ni mat dësem Gesetz an deenen zwielef Joer, wou mir derbäi sinn, een Abus gemaach gi wär. Och de Rapporteur, deem ech vun dëser Säit aus wëll merci soen, fir säi gudde mëndlechen a schrëftleche

Rapport, huet dat dat lescht Joer an dëst Joer richtig erkläert.

Et ass esou, dass d'Chamber iwwert d'Conférence des Présidents, trotzdeem se eventuell kann a Vakanz sinn, ëmmer e Matsproocherecht behält. An dat war och dëst Joer de Fall, wéi dat elo grad vun der Mme Beissel hei kuerz geschildert ginn ass.

An der Regel ass et ëmmer esou. Ech hunn d'Mme Beissel elo grad hei héieren. Si ass bis op 1856 zrëckgaangen, fir eis ze erklären, wéi wichteg et ass, fir esou e Gesetz ze stëmmen.

Ech muss allerdings soen, et ass gutt, dass de Kolleg Henri Grethen net hei ass, well deem huet während 15 Joer all Kéiers am Dezember Argumenter missen uféieren, fir dergéint ze stëmmen, an et ass ze hoffen, dass d'DP dann elo net méi an d'Oppositioun kënnt, well soss misste se jiddefalls ëmmer fir dëst Gesetz stëmmen, eleng schonn aus där Ursaach, well opgrond vun deem Exkurs an d'Geschicht vun dësem Gesetz et dierft schwéier gi fir d'Demokratesch Partei, nach eng Kéier dergéint ze stëmmen.

Et war ëmmer esou, dass wann eng Partei an der Oppositioun war, dann huet se dergéint gestëmmt, a wa se an der Majoritéit war, dann huet se derfir gestëmmt. Esou ass et och elo mat der LSAP. Déi 15 Joer wou si an der Majoritéit war, huet se derfir gestëmmt an elo stëmmt se dergéint. Déi eenzeg Parteien, déi sech am Fong ëmmer konsequent heibanne waren, dat waren déi Gréng a mir. Mir waren ëmmer an der Oppositioun a mir hunn och ëmmer mat Nee gestëmmt, just eng Kéier hate mir eis enthalten. Dat war dat Joer virun de Chamberswalen, well mer dunn nach net woussten, wa mer an d'Regierung géife kommen, wie mer géife mathuelen, an dofir hu mir eis deemools enthalten. Déi Joren duerno hu mer ëmmer dergéint gestëmmt.

Mä Spaass op d'Säit, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn déi Problematik nach eng Kéier intern seriö duerchdiskutéiert a kommen zur Konklusioun, dass dat hei awer e wichtegt Gesetz ass, wat e Land brauch, a vu dass eis Regierungen, egal wat fir eng et an der Vergaangenheet waren, ni en Abus dermat gemaach hunn, hu mir eis dëst Joer décidéiert, dësem Gesetz zouzestëmmen.

(Etonnement)

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Renée Wagener.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ka mengem Virriedner eigentlech guer net Recht ginn, well dee Prinzip vum "same procedure as every year" – hat ech d'Gefill – hate mer schonn d'lescht Joer duerchbrach. Net nëmme mat der Madame Beissel hirem Rapport leschten Dezember, mä och mat deene Propositionen vun der LSAP, déi sech

dunn och an deenen Aarbechte vun der Verfassungskommissioun niddergeschloen hunn.

Ech menge wierklech, dass déi Fro op d'Vollmachtengesetz an engem Stat, dee sech demokratesch nennt, nach zouläseg ass; dass déi an deene leschte Méint a Joren ëmmer méi seriö gestallt ginn ass. Et stellt ee jo och fest, dass mer mat deem Projet de loi, dee mer haut um Dësch leien hunn, wierklech eng nei Propos – zumindest am Ufank – virleien haten.

Ech wollt, ier ech nach méi op den Inhalt vun deene Propositionen aginn, just kuerz op de Rapport agoen, well deem eng Opzielung mécht vun deene Beräicher, déi net ënnert d'Habilitatiounsgesetz falen, an ech hunn, wéi ech dat gelies hunn, e bëssen d'Gefill gehat, datt dat ganz symptomatesch a signifikativ wär wat do zesummekomm ass, och wann et – et kéint ee bal soen – e bëssen dem Zoufall ënnerläit, wéi eng Punkten an der Constitutioun der Loi formelle ënnerworf sinn.

Mä wann ee sech déi Lëscht dann ukuckt, da gesäit een zum Beispill esou Saache wéi Droit politique fir net lëtzebuergesch Persounen, d'Admissibilitéit vun net lëtzebuergesche Persounen um Emploi public oder och nach Organisatioun vun de Forces de l'ordre, an esou virun, wou ee sech wierklech e bëssen d'Fro och ka stellen, a wéi engem Zesammenhang datt déi Saachen nach mat där heite Problematik stinn. An d'Fro stellt sech fir mech och e bëssen, firwat een net kéint ëmgedréint virgoen.

Mir hunn zwar an deem Gesetzesprojet, wéi virdrunn och schonn, stoen, dass et hei ëm ekonomesch an international Aspekter geet, mä vläicht hätt ee wierklech missen – wann een iwwerhaapt deem heite Wee aschleit – op dee Wee goen, fir nach méi enk dat Feld anzegrenzen, wou een der Regierung iwwerhaapt wëllt Vollmachten ginn.

Dat, wéi gesot, zu deem dote Punkt. Da wëllt ech awer méi prinzipiell och zu där Neierung kommen, wéi se elo um Dësch läit. Prinzipiell begrësse mir et, dass mer hei Virschléi hunn, fir méi wäit ze goe wéi dat, wat mer bis elo haten. Mir mengen awer, dass déi Proposition nach net déi demokratescht Léisung ass, déi ee kéint hunn. An zwar well een domadder d'Parlament awer ëmmer nach nodréiglech ofseene léisst, wat eigentlech schonn am stillen Kämmerlein vun der Conférence des Présidents acceptéiert gi wor, an ech denken, datt et ganz ville Leit heibanne géif schwéierfalen, wann op deem Niveau schonn en Accord komm ass, fir dann nach eng Kéier méi spéit ze soen: Neen, mir sinn awer dergéint.

Ech hunn do gewëssen Zweifelen, an dofir sinn déi Gréng och ëmmer nach der Meenung, dass déi beschte Léisung am Fong déi wär, wann et wierklech drénglech ass, dass dann d'Parlament och sengem Rôle gerecht gëtt, sech selwer eescht hält an dann eng Drénglechkeetssitzung aberafft.

Wann ee sech déi Lëscht vu Reglementer ukuckt, déi an deene leschte Jore geholl goufen, da wor dat meeschtens mol net zu Zäiten, wou déi meescht vun eis an anere Gefilder weilen. Et muss ee jo och soen, dass fir aner Punkten, wéi zum Beispill Pensiounen oder Regierungs-erklärungen, d'Leit och schonn zesummetrommelt gi sinn, fir eventuell am Summer dann eng Kéier hei ze tagen.

Dofir, wéi gesot, si mir net ganz zefridde mat deene Proposen, wéi se vun der Regierungssäit komm sinn, mä mir gesinn awer, dass ëmmerhin do e konkrete Schrëtt gemaach gi wor a Richtung vu méi Demokratie. E Schrëtt, wéi mer elo gesinn hunn, deen awer vum Conseil d'Etat ofgewiergt ginn ass, mat Argumenter – dat ass schonn hei och vum Här Rapporteur gesot ginn –, déi net ganz iwwerzeegend sinn an net hieb- und stichfest.

Mir hunn awer do och eng ganz kloer Drohung an deem Avis vum Conseil d'Etat dragehat, dass keng Dispens vum zweete Vote constitutionnel géif kommen, a mir hätten also de Risiko gehat, dass mer dräi Méint laang da kee Vollmachtesgesetz gehat hätten.

D'Konsequenz dovunner wor, dass d'Commission juridique dunn e Rückzieher gemaach huet an dass mer zwar en Text hunn, deen e bësse méi wäit geet wéi fréier, mä nach net terribel vill méi wäit. Reng technesch gekuckt kann ee sech awer d'Fro stellen, wa mer alleguerten, d'Regierung an d'Parlament, méi schnell gewiescht wäeren, ob mer déi dote Situatioun dann net hätte kéinten évitéieren. Wa mer nämlech dat Habilitatiounsgesetz fir eng Kéier schonn e bësse méi fréi gestëmmt hätten, dann hätte mer déi Schwierigkeet vläicht net gehat.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, souguer wa mir net déi prinzipiell Bedenken hätten, déi ech elo hei évoquéiert hunn, da géif sech natierlech och d'Fro stelle vum Vertrauen an dës Regierung. Mir hunn alleguerte gëschter, wéi mer zur Fënster rausgekuckt hunn, gesinn, wéi do en Helikopter e Kräiz versicht huet op d'Kathedral ze setzen. Ech hunn et wéi en Omen empfonnt, dass dat Kräiz bedenklech an d'Richtung vum Parlament gezunn huet...

(Interruptions)

...an ech wéilt just soen, dass eist Vertrauen an den CSV-Stat net grouss ass, an dass mir duerfir keng Vollmächte kënnen ginn, a scho guer net dëser Regierung.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Aloyse Bisdorff.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk). - Här President, dat Vollmachtesgesetz, dat d'Regierung all Joers ëmmer erëm der Chamber virleet, fir sech d'Méiglechkeet ze ginn, ausserhalb vun der Chamber kënnen verschidde Moosnamen ze ergräifen, kënnst ee souguer bezeechnen, wéigent senger Périodicitéit, an och wéigent der

Argumentatioun, déi bal ëmmer déi nämlech ass, als eng Aart Formalitéitgesetz.

Déi nämlech Argumentatioun kënnst, dofir an dergéint, ëmmer erëm zum Virschäin, och wann dëst Joer virgesi war, dass an dësem Gesetz sollt drakommen, dass ënnerhalb vu sechs Méint, nodeem d'Regierung eng Moosnam ergraff huet, déi se am Kader vum Vollmachtesgesetz geholl huet, misst vun der Chamber approvéiert ginn.

Virgräifend op eng Verfassungsännerung, déi sollt kommen, huet dann an dem Motivebericht dat och gestanen. Wann dat net dra gewiescht wär, kann ech mer virstellen, dass et dem Statsrot net opgefall wär an dass en dofir dann och net déi formell Oppositioun gemaach hätt.

Awer ech wëll besonnesch, och fir meng Oflehnung vun dësem Gesetz nach duerch eng aner Argumentatioun ze ënnersträichen, dorobber hiweisen, dass mer international an enger ganz geféierlecher Situatioun sinn; d'global Féierungsmacht e Kräizzuch entfacht huet; dass een dauernde Krichszoustand existéiert, wou d'USA bestëmmen, wou wat bombardéiert gëtt, an deenen anere Staten d'Bezuelen iwwerloossen, wou Lëtzebuerg forcéiert ka ginn, finanziell a militäresch an Abenteuer eranzekommen.

A well mer jo och wëssen, wat fir eng Nibelungen-Trei déi Regierung hei huet vis-à-vis zu där Politik, kann ech mer net virstellen, dass ech dësem Gesetz géing meng Zoustëmmung ginn.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Premier- a Statsminister Jean-Claude Juncker.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Regierung wier frou, wann d'Chamber dësem Projet de loi kënnst zoustëmmen, deen der Regierung Vollmächte soll ginn, fir haaptsächlech a Krisesituatiounen, déi international bedingt sinn, voll staatlech handlungsfäeg ze sinn.

Dat ass keng Fro tëschent Majoritéit an Oppositioun, an ech wonnere mech ëmmer wéi een, je nodeem ob een an der Majoritéit oder an der Oppositioun ass, a relativ kuerze Fristen zu fundamentalen anere statsphilosophesche Considératiounen ka kommen.

Et geet hei eigentlech drëm, ob ee Vertrauen an de Stat huet; ob ee wëllt, dass de Lëtzebuerger Stat, sou wéi aner Statswiesen, an der internationaler Communautéit och, an deem Moment wou séiert Handlen erfuerdert ass, dat séiert Handle kann ënner praktesche Beweis stellen, an eppes anescht ass net an deenen Texter hei ze sichen.

Dass d'Madame Wagener kee Vertrauen an den CSV-Stat huet, géif den CSV-Stat éiere wann et e géif ginn, mä et gëtt e leider net. Mä ech zéien awer doraus

zumindest d'Schlussfolgerung, dass, wann d'CSV net an der Regierung wär, dann déi Gréng fir dëst Gesetz géife stëmmen, an do géif ech virun allze vill vireileger Hoffnung warnen, dass dat eng Kéier géif Realitéit ginn.

Fir de Rescht hat d'Regierung sech bei der Redaktioun vun dësem Gesetz inspiréiert un de Propositionen, déi d'sozialistesche Partei d'lescht Joer hei am Parlament gemaach huet. An ech hat der Regierung virgeschloen, een Amendement ze iwwerhuelen, dee vum Kolleeg Alex Bodry d'lescht Joer abruecht ginn ass, dee sech sengersäits bezunn hat op d'Viraarbecht zur Verfassungsreform, déi ënnert der Dokter-Guidance vum Paul-Henri Meyers gemaach ginn ass.

De Conseil d'Etat ass och net méi dat, wat e mol war, zënter dass de Paul-Henri Meyers an der Chamber ass, well de Conseil d'Etat duerch een total inappropriéierten Hiweis op d'Constitution – Fro, déi sech hei net stellt – d'Parlament a senger Rechter wëllt beschneiden.

An ech wunnere mech iwwert deen zäertlechen Ëmgang vum Parlament mat deem institutionell graven, verfeelerten Akt, deen de Conseil d'Etat hei gestallt huet, well en ee Pouvoir, deen en duerch d'Verfassung huet, nämlech d'Dispens vum zweete Vote, doduerch eigentlech d'Chamber an d'Institution vum Land als Geisel hält.

Et war d'Absicht vun dem Parlament d'lescht Joer, an enger breeder Debatt, dem Parlament, wat ech normal fannen an enger parlamentarescher Demokratie, d'Recht ze ginn, iwwert dat, wat d'Regierung am Kader vun de Pouvoirs spéciaux gemaach huet, seng Meinung kënnen zum Ausdrock ze bréngen, ënner verbindlecher Form fir all Institution vum Land.

An ech fannen dofir dat, wat de Conseil d'Etat hei orchestréiert huet, net als ee Mësstrauensausdrock der Exécutiv géint iwwer, mä als ee Mësstrauensausdrock der Législative géint iwwer. A well ech net d'accord sinn, dass de Conseil d'Etat dat mécht, bréngen ech den Text vun deem Projet de loi am Januar ënner Form vu Projets de loi hei rëm an, da kann de Conseil d'Etat seng Opposition formelle maachen an d'Chamber ka sech iwwert déi Opposition formelle ewechsetzen.

Fir de Rescht wier ech frou, wann Der deen Text als Chamber kéint an amendéierter Form stëmmen, well d'Regierung, besonnesch opgrond vun der aktueller internationaler Situatioun, absolut d'Méiglechkeet brauch, fir an deenen éischte Méint vum nächste Joer kënnen ze handeln, wann et noutwendeg ass.

Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4870 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de gesamten Text.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 41 Jo- an 19 Neen-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Nico Loes), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par Mme Simone Beissel), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach (par M. John Schummer);

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par M. Jos Scheuer), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

4. Allocution de fin d'année

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn elo um Enn vun eise Sitzunge fir d'Joer 2001 ukomm, dat éischt Joer vum drëtte Joerdausend, an dat mer all grouss Hoffnungen gesat hatten, an dat zumindest symbolesch dozou beruff war, eis en neien Ufank ze erméiglechen.

Déi schrecklech Biller vum 11. September sollten eis awer enges Bessere beléieren an eis virun Aen halen, zu wat blanne Fanatismus an Haass féiere kënnen. Knapps zwee Deeg dono, den 13. September 2001, hu sech all Parteien, déi hei an der Chamber vertruede sinn, ouni Virbehalt hanner eis amerikanesch Alliéiert a Frënn